



Rapport Referees' Commission - 01.09.2020

Uwiesend : Courtois, Frieden, Geib, Keiffer F., Nesser, Simonelli, Weber, Weinzierl

Entschëllegt : Frieseisen, Pascalicchio

- 1) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 07.07.2020.**
- 2) **Stage Ufank Saison**
De Stage Ufank Saison 2020-2021 war den 29. an 30. August 2020 am Hotel Thermal zu Munneref. Niewent der theoretischer Fortbildung stoung och den Teambuilding um Programm.
- 3) **Formatioun Arbitter**
Well des Saison e Cours fir den A-Schäin (Niveau Supérieur) organiséert gëtt, ass keen C-Schäin (Niveau Inférieur) virgesinn. Déi interesséiert Leit kënnen sech awer mat dem Formulaire umellen, den um Site vun der FLH ze fannen ass.
https://www.flh.lu/fileadmin/flh/Arbitrage/inscription_CycleInf_Hand_Formulaire.pdf
Soubal dann e Cours geplangt ass, kréien déi Leit Bescheed gesot.
- 4) **Weiderbildung fir Arbitter**
Och des Saison sinn nees e puer Formatiounen fir eis Arbitter virgesinn, Des sinn den 24.10 - 28.11 - 06.02 - 13.03 - 22.05 all Kéiers vun 09h30 bis 12h00 an der Maison des Sports zu Stroossen
- 5) **Resultater vun den Tester**
Déi meescht Arbitter hunn hire Laf, respektiv Reegeltest gepackt. D'Clibb kréien eng Lëscht geschéckt, wéi eng Arbitter dëst Joer fir si päifen. Leider hunn e puer Arbitter sech net ugemellt, oder den Test net gepackt. Déi kënnen des Saison bis ob Weideres net agesat ginn. Den nächsten Ulaf kënnen si am Februar huelen.
- 6) **Kader AXA-League**
7 Koppelen si confirméiert gi fir d'AXA-League Hären. 6 Koppelen ginn an deenen nächste Wochen observéiert a gecoached fir och an der AXA-League Hären agesat ze ginn.
- 7) **Arbitrage U15**
*Leider stinn der Refcom och dëst Joer net genuch Arbitter zu Verfügung fir d'Matcher vun der U15 ze besetzen. Fir Spëtzematcher kënnen d'Clibb awer een neutralen Arbitter ufroen, (arbitres@flh.lu) den da jee no Disponibilitéit vun der Refcom nominéiert gëtt.
Een Asaz am Play-off gëtt méi spéit decidéiert.
D'Coupematcher vun den U13 an U15 gi vun der Refcom besat.*
- 8) **Vestiaire Bouneweg**
Refcom ass frou, dass d'Demande fir e grouss Vestiaire bei AXA-League Matcher zu Bouneweg ass positive beäntwert ginn.



- 9) **Delegué d'Ordre op der "feuille de match" / SBO**
Art. 44(code du Handball). Chaque club recevant doit présenter, lors d'une rencontre officielle de la Division nationale hommes et dames, un (1) délégué d'ordre, affilié à la FLH et âgé de 18 ans au moins, qui est responsable de la sécurité des arbitres et des joueurs et qui doit être à la disposition du délégué de la FLH
Am Moment ass am SBO keng Platz virgesi fir den Delegué d'Ordre opzeschreiwten.
D'Refcom proposéiert den Delegué d'Ordre bis ob Weideres ënnert "Bericht 2 - Sonstige" anzedroen.
- 10) **Cours Sekretär – Chronometreur**
D'Coure fir Sekretär/Chronometreur sinn den
26.09.2020 10.00 – 12.00 hrs Cours op lëtzebuergesch
03.10.2020 10.00 – 12.00 hrs Cours en français
All Kéiers an der Maison des Sports
3, route d'Arlon
STRASSEN
Umellen op assist@flh.lu
- 11) **Rechnungen AXA-League Damen an Hären**
Och dëst Joer sollen d'Arbitter fir AXA-league Matcher (D+H) hier Rechnung un fact.arbitres@flh.lu schécken.
- 12) **Ufro neie Member**
Eng Ufro vun engem neie Member aus dem Corps arbitrale fir Member vun der Refcom ze ginn, muss leider verworf ginn, well de Kontingent fir de Grupp schonns voll ass.
- 13) **Amicale vun den Arbitter**
De Revival vun der Amicale des arbitres ass um gudde Wee. Am Moment gëtt de Finanzement nach koordinéiert.

Nächst RefCom : Dënschden den 13. Oktober 2020 um 18h15 zu Stroossen